

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass déi Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4921 iwwert d'Services à accès conditionnel.

Et si schonn ageschriwwen: den Här Bodry, d'Mme Beissel, déi Häre Greisen, García an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

#### **4. Projet de loi 4921 sur la protection juridique des services à accès conditionnel et des services d'accès conditionnel**

##### ***Rapport de la Commission des Media et des Communications***

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de leschten zwee Jorzéngten ass den audiovisuelle Secteur an Europa beräichert ginn duerch eng Rei vun Televisiounschäinen, déi op d'Verschlüsselung vun hire Programmer zrëckgräifen.

D'Abonnementer sinn heefeg eng wichteg, wann net déi wichtegst finanziell Ressource, fir dës Programmer ze finanzéieren. Et ass an där Optik kloer, datt all Aktivitéit, déi de Cryptage oder all aner Codéierungstechnologie ëmgeet, déi wirtschaftlech Liewensfäegkeet vun enger Entreprise a Fro stellt. Ech wëll kuerz op déi verschidde Facteuren agoen, déi de Cryptage an deemno och d'Entwécklung vun esou Programmer wesentlech favoriséiert hunn.

Zum engen ass feststellen, datt déi traditionell Ressourcë fir de Finanzement vu Programmer wéi beispillsweis d'Publicitéit oder de Parrainage op engem klengen Marché, deen ëmmer méi ëmkämpft ass, an de leschte Jore staark ofgeholl hunn. Zum aneren ass duerch d'Verschlüsselung den Opérateur an der Lag, d'Emfaange vu Programmer op déi Territoiren ze limitéieren, fir déi hien d'Exploitationsrechter bezuelt huet.

Zudeem kënnst derbäi, datt nei digital Technologien den Opérateuren haut erméiglechen, méi Programmer unzebidden, déi sech éischter un e cibléierten a spezialiséierte Public riichten. Dorënner fale beispillsweis Sports-programmer oder Programmer mat enger méi kultureller Ausrichtung. Et versteet sech vum selwen, datt de Public fir esou spezifesch Programmer méi kleng ass an deemno erlaben dës Programmer net déi Commercialiséierung, wéi dat fir aner Programmer, déi net verschlüsselt ausgestrahlt ginn, de Fall ass.

Deemno sinn d'Abonnementer en adequate Moyen fir dës limitéiert Ressourcen auszegläichen. Parallell zu dësen Entwécklungen huet sech eng Industrie entwéckelt, déi sech als Zil gesat huet de Cryptage auszehiewelen, dëst am Regelfall iwwer Technologien, déi Programmer décryptéieren oder decodéiere kënnen. Doriwwer eraus hu sech eng ganz Rei vun accessoiresren Aktivitéiten, oder besser gesot Servicer, entwéckelt, wéi beispillsweis d'Publikatioun vu spezialiséierte Magazinen, verschiddene Services d'entretien oder d'après-vente.

D'Prestatairë sinn duerfir gezwongen, ëmmer nei sophistiquéiert Systemer ze elaboréieren, déi se mat supplementare Käschte belaaschten. De Ruff vun de Prestataire ass doduerch a Fro gestallt, wann de Konsument, deen en Abonnement bezuelt huet, kee Vertraue méi huet. Et versteet sech hei vum selwen, datt de Prestataire Gefor leeft finanziell Aboussen ze verzechnen, wa sech Clienten ofwennen. Am Ablack ginn d'Moyenen, virun allem déi juristescher Natur, net wäit genuch.

Här President, de Projet de loi 4921 huet als Objet déi europäesch Direktiv 98/84/CE vum Europaparlament a vum Conseil vum 20. November 1998 iwwert d'juristeschen Protectioun vun de sou genannte Services à accès conditionnel oder de Services d'accès conditionnel an eis national Législatioun ëmzesetzen.

Mir sinn e bëssen a Verzuch. Den Artikel sechs vun der Direktiv hat effektiv d'Ëmsetzung an déi jeeweilech national Législatiounen bis spéitstens den 28. Mee 2000 virgesinn. De Projet ass den 1. Mäerz 2002 an der Chamber deponéiert ginn. An der Sëtzung vun der Mediekommissioun vum 27. Juni 2002 huet d'Kommissioun de Rapporteur designéiert. An därselwechter Sëtzung huet d'Kommissioun sech am Detail mam Projet a mam Avis vum Statsrot vum 14. Mee 2002 befaasst. Der Kommissioun si véier Avice vun de Beruffschamberen zoukomm. Et sinn dat: d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Travail, déi sech alleguerten, bis op e puer méi spezifesch Detailer, positiv zu dësem Projet positionéiert hunn. De schrëftleche Rapport ass de 4. Juli 2002 ugeholl ginn.

Déi communautär Démarche war noutwendeg, well sech zum engen net an allen EU-Memberstaaten eng Réglementatioun befënnt an zum aneren, well déi existéierend juristeschen Moyenen an de Memberstaaten net eenheetlech sinn. D'Direktiv versteet sech deemno och als e Mëttel fir eng eenheetlech minimal Protectioun géint déi uewen zitéiert Aktivitéiten, illicite Decodéierungsaktivitéiten, anzeféieren.

Mir haten d'Optioun d'Direktiv an der existéierender Législatioun opzehuelen, entweder duerch d'Ännerung vum Gesetz vum 27. Juli 1991 iwwert d'elektronesch Medien oder d'Gesetz vum 21. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatiounen. Eng aner Méiglechkeet hätt kéinten doranner bestoen, d'Direktiv an de Code pénal oder an de Code civil ze integréieren.

Mir hunn et awer virgezunn en anere Wee anzeschloen, andeems mer d'Direktiv an engem eegestännege Gesetz ëmsetzen. Den Haaptbeweggrond louch doranner, datt déi bestehend Gesetzgebung déi verschlësst Programmer net mat abezitt. Duerch d'Ëmsetzung vun der Direktiv proposéiert de Gesetzestext deemno nei juristeschen Moyene fir déi illegite Aktivitéiten ze strofen.

Zum enge gesäit d'Gesetz eng Action en cessation vir, déi et dem Prestataire erlaabt géint deejéinege virzegoen, deen op eng illegite Aart a Weis verschlësst Programmer décryptéiert oder Décodeuren importéiert oder verkeeft. Dës Action en cessation inspiréiert sech un der Action en cessation, wéi se am Gesetz vum 27. November 1986 iwwert d'kommerziell Praktiken an iwwert d'Concurrence déloyale festgeschriwwen ass. Dat bréngt mat sech, datt mer d'Remarque vum Statsrot, fir d'Opposition als Voie de recours bäizebehalen, net iwwerholl hunn.

Datt mer net einfach e Renvoi op d'Gesetz vum 1986 gemaach hunn, versteet sech doduerch, datt d'Action en cessation vun deem Gesetz eng Konkurrenz tëschent de Partie viraussetzt, wat an eisem Fall net ëmmer de Fall ass.

Zum anere ginn eng Rei nei Infraktiounen geschafen, fir déi illegite Aktivitéiten ze bestrofen. Déijeeneg, déi - ech zitieren: "...à des fins commerciales..." onerlaabte Decodierungssystemer importéieren, verkafen, hierstellen, installéieren an esou weider kënnen mat aacht Deeg bis zwee Joer Prison an/oder 251 bis 100.000 Euro Geldstrof rechnen. Dat illegite Material kann duerch en Untersuchungsrichter saiséiert ginn. D'Gericht muss d'Confiscatioun an d'Zerstéierung vun deem technesche Material aussprechen, och wann d'Material net dem Schëllege gehéiert.

Hei gi mer méi wäit wéi dat de Code pénal fir aner Strofdote virgesäit. Et besteet keen Zweifel doriwwer, datt dës Prozedur am Intérêt vun de Victimen, spréich de be-  
traffene Prestatairen ass, an hiren dissuasiv Charakter net wäert verfeelen.

Här President, ech wollt awer op ee Punkt agoen, deen e bëssen zu Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun gefouert huet. De Statsrot huet ze bedenke ginn, datt den illegite Charakter sech nëmmen op déi kommerziell Aktivitéit bezitt. D'Mediekommissioun deelt d'Usicht vum Auteur vun deem Projet, fir den Artikel zwee net op déi privat Aktivitéiten auszudehnen. D'Fro, déi sech hei awer stellt, ass déi, wat mer genee ënnert den Termen "à des fins commerciales" verstoe wëllen.

D'Kommissioun ass der Meenung, datt d'Commercialitéit net därerf vun der Definitioun vum Commerçant, deen am Artikel eent vum Code de Commerce festgehalten ass, ofhänken. D'Wierder "à des fins commerciales", déi am Artikel zwee vum Gesetzesprojet stinn, spillen dann, wann illegite Dispositiven, déi et erméig-

lechen, déi concernéiert Programmer ze decodéieren oder ze décryptéieren, fabrizéiert, importéiert oder installéiert ginn, en contrepartie finanzieller oder soss anerer Avantagen. An anere Wieder: De Beschëllege muss d'Sue gewannen oder soss aner Avantagë kréien, wann hien en illegiten Dispositif fabrizéiert, benotzt, verkeeft oder nëmme besetzt. D'Privatpersoun, déi esou en Decodierungsapparat doheem besetzt, fir d'Programmer ze emfänken, ass wessentlech net vun deem Gesetz betraff.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir weider Detailer verweisen ech op de Rapport vun der Mediekommissioun, déi am Commentaire des articles détailleiert op den Avis vum Statsrot an de Beruffschamberen ageet. Déi technesch Aspekt kënnt Der am Exposé des motifs noliessen. Ech géif lech recommandéieren dëse Projet de loi ze stëmmen wéi mer en hei virleien hunn. Fir ofzeschlësse géif ech den Accord vu menger Fraktioun ginn. Ech soen lech merci.

**Des voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als Éischten huet den Här Alex Bodry d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir feelen d'Wierder, mir feelt och d'Loscht an d'Ausdauer, fir entweder datselwecht ze soe wéi de Rapporteur, respektiv eppes anescht ze fannen, fir ze soen, duerfir wëllt ech an engem kuerzen a bündeg Saz den Accord vu menger Fraktioun zu deem heite Projet abréngen.

**Une voix.**- Très bien.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Très bien.

### *(Hilarité)*

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Mme Simone Beissel.

**Mme Simone Beissel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, maacht lech keng Suerg, ech maachen net esou laang wéi virdrun, mä e puer Wieder misst een awer iwwert dësen interessante Projet verléieren.

Fir d'éischt nach eng Kéier mäi Merci un de Patrick Santer. Hien ass haut deen, deem seng Aarbecht haut voll soll honoréiert ginn. Ech hänke mech do hannendrun, fir de Merci ze soe vu menger Fraktioun a mäi perséinlechen.

Mir wëssen also, dass et hei drëm geet, fir eng Direktiv ëmzesetzen, eng Direktiv, déi soll op europäeschem Niveau eng Harmonisatioun schafen iwwer folgend Problematik: Et ass jo esou, dass an de leschte Joren d'Praxis vun de cryptéierte Chäinen opkomm ass, och hei zu Lëtzebuerg. Chäinen, déi Programmen diffuséieren,

eren, déi nëmme kënnen gekuckt ginn, wann een en Décodeur huet fir dat Signal, wat se fortschécken, ze entschlüsselen. Fir dass een also en Décodeur kritt an d'Recht kritt déi Programmen ze kucken, muss een en Abonnement bei där Chaîne bezuelen, déi esou Programmer ubitt.

Et ass awer elo esou - an dat schénkt ëmmer méi Nationalsport ze ginn a ville Länner, an dat wonnert een net besonnesch -, dass probéiert gëtt, déi Décodeuren nozebauen, an zwar net nëmmen nozebauen, mä se ze verkaufen. Dat heescht, dass déi Décodeure meeschtens net eleng fir den eegene Gebrauch nogebaut ginn, mä carrément un commerce parallèle bedriwwen gëtt, wat jo ganz kloer e groussen Nodeel, haaptsächlech finanziellen Nodeel, fir déi cryptéiert Chäinen duerstellt.

Den Här Santer huet ganz kloer ënnerstrach, dass mer fir de Moment net iwwert déi adequat Moyene verfügen, fir dës cryptéiert Chäinen ze schützen. Et gëtt d'Méiglechkeet eng Action en concurrence déloyale bei Gericht anzekloen, dat ass de kläresche Wee, mä nach muss dann deen, deen dat aklot, capabel si fir ze beweisen, dass effektiv eng Konkurrenz zwëschen deenen zwee Prestataire besteet.

Elo mat der Ëmsetzung vun der Direktiv, kann een eng Action en cessation spécifique akloen, ouni dass een eng Situation concurrentielle nowise muss. Et gëtt also vill méi einfach an deen, dee geschiedegt ass, huet vill méi schnell d'Moyenen, fir sech ze wieren.

Wat nach nei ass, dat ass, dass déi illegal Akte kënnen um Penal ageklot ginn, dat heescht virun der Jurisdiction répressive. Bei enger Procédure pénale kann eng Saisie gemaach ginn op dat illegaalt Material duerch den Untersuchungsrichter. An enger spéiderer Phas kënnen dann d'Juridictions du fond d'Material konfiszéieren an zerstéieren.

Dat war alles bis elo net méiglech, weder iwwert de Wee vum Droit commun, nach iwwert de Wee vum Gesetz iwwert d'Droits d'auteur. Och den Droit de la propriété intellectuelle huet keng zefriddestellend Léisung bruecht.

Et ass kloer, dass mat deem neie System eng Poursuite um Penal vill méi effikass ass, well dat illegaalt Material kann zerstéiert ginn an domat kann évitéiert ginn, dass déi illegal Machenschaften sech do kënnen weider verbreeden. Och wäert dee repressive Wee eng dissuasiv Wirkung hunn, ebe just duerch de Risque mat enger penaler Strof mussen ze rechnen, well eng Verurteilung op Domages et intérêts huet e vill manner groussen Effekt.

Firwat? Et ass ganz einfach, de Gewinn bei deenen illegale Geschäfte ass esou héich, dass ganz vill Leit ouni Risiko dat unhuelen, dass se musse Geld bezuelen, well hire Benefiss vun den illegale Geschäfte ëm e Villfacht méi héich ass wéi d'Domages et intérêts. Et kann also nëmmen iwwert de Wee vu Repressioun um penale Wee eng effikass Verbesserung kommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Ëmsetzung vun dëser Direktiv erlaube mer et de Chäinen, déi cryptéiert Programmen diffuséieren, sech op eng méi effikass Aart a Weis ze schützen an domadder dës spezifesch Commerce beschtméiglechst ofzesécheren.

Et bleift mir just nach iwwreg den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ze bréngen. Ech soen lech merci.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'ëischt wëll ech all deene Leit merci soen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. Den Text selwer ass schonn hei am Detail virgestallt an erkläert ginn, soudatt ech net méi am Detail brauch op alles anzegoen.

Jidderee kennt jo d'Servicer am Beräich vun der Television, déi verschlüsselt sinn a fir déi een extra bezuele muss, fir se ze kucken. Egal, ob déi iwwer Antenne, Kabel oder Satellit emfaange ginn, et brauch een en Décodeur, also iergendeen Apparat, deen de Programm entschlüsselt an domat eréischt brauchbar mécht. Do gëtt et Piraten, déi esou en Apparat nobauen a sech domat laanscht d'Bezuele vun de Käschten drécken.

Mat dësem Projet gëtt versicht, dat ze verhënneren, andeem dass een den Nobau an de Gebrauch vun esou Apparaten ënner Strof setzt. Domat sollen dann déi, déi d'Servicer an d'Programmer ubidden, sécher sinn, dass se fir hir Leeschtunge bezuelt ginn. Natierlech sinn déi technesch Méiglechkeete méi komplizéiert wéi hei duergeluegt a wéinst der stänneger Weiterentwicklung vun de Servicer wäert de Problem net méi einfach ginn. Op weider Detailler brauch ech hei net méi anzegoen. Dat ass virdru gemaach ginn.

Ze rappeliere bleift just erëm eng Kéier de Retard, deen d'Regierung huet bei der Ëmsetzung vun der europäescher Direktiv an dann déi plötzlech Hetz elo zum Schluss. Den ADR stëmmt dës Projet, well en den Entrepreneuren domat eng besser juristesche Protectioun garantéiert. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen.

Den Här François Bausch freet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, et ass schwéier, mä den Här Garcia huet mer d'Erlaabnis gi fir d'Weihrachfaass nach eng Kéier erauszehuelen, an dem Här Santer ze félicitéieren fir säi gudde Rapport an ze soen, dass mer d'Gesetz stëmmen.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Den Här Urbany huet d'Wuert.

**(Interruption)**

Dann huet d'Wuert elo den Här Minister François Biltgen.

**M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, just dräi Remarken.

Eischtens, ech si frou, dass mer haut nach - ech wëll net soen zu spéider Stonn, mä zu engem spéiden Zäitpunkt fir d'Chamber - kënnen d'Ëmsetzung vun dëser Direktiv stëmmen. Et ass eng Direktiv, wou mer iwwerfällleg sinn. Ech sinn amgaang, souwuel als Aarbechtsminister wéi als Kommunikatiounsminister ze kucken, dass mer mat allen Direktiven erauskommen, dass mer net méi do hannendra sinn. Ech sinn duerfir frou, dass mer dat nach haut kënnen stëmmen.

Zweet Remarque: Ech si frou, datt d'Kommissioun dee besonnesche Wee vun där spezieller Klo bäibehalen huet. Dat ass iwwregens e System, dee mer an dem Protection-de-données-Gesetz hunn, wat mer virdrun diskutéiert hunn. Dir gesitt, dass mer ëmmer op nei Weeër musse goen, fir juristesche méi effikass a méi séier Weeër ze fannen. E grouss Problem ass, dass mer grouss Gesetzer stëmmen, mä dass et net ëmmer einfach ass déi Gesetzer effikass a séier anzehalen. Mir sinn haut de Mëtteg elo schonn e puer Mol nei Weeër hei gaangen an ech ginn dovunner aus, dass déi Weeër nach Noahmer fannen.

Drëtt a lescht Remarque: Ech si frou, dass d'Chamber bei der Propos bleift vum Minister, nämlech nëmmen d'Utilisation à fins commerciales ze verbidden an net d'Utilisation à des fins privées. Mir hunn zum Beispill hei zu Lëtzebuerg eng Onmass vun Auslänner wunnen, déi doudsécher Décodeure matbruecht hunn, a wou ech et awer net géif gutt fannen - dat huet och eppes mat Vie privée ze dinn - iwwerall bei d'Leit nokucken ze goen, wou d'Décodeuren hierkéimen. Wichteg ass, dass mer zu Lëtzebuerg verbidden, dass wierklech hei Commerce bedriwwen gëtt mat Urheberrechter, mat Décodeuren a mat all deem, mat wat dat zesummenhängt.

Et dierf net sinn, dass Lëtzebuerg kéint eng Plaque tournante gi vun esou engem Geschäft, duerfir ass et wichteg, dass mer déi Direktiv haut stëmmen.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4921 a mir stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)**

D'Artikelen 1 bis 9 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4921.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo.

Déi géint de Projet sinn, stëmme mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par Mme Simone Beissel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Jos Scheuer), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Mir kommen elo zum nächste Punkt.

**5. Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés – n° 4994**

An der Sitzung vu gëschter hat den Här Jean-Paul Ripinger verschidden Ännerungsvirschléi zum Chamberreglement déposéiert, déi uschlëssend un d'Presidente-konferenz verweise goufen. An hirer Reunioun vu gëschter huet d'Presidentekonferenz d'Reglementskommissioun saiséiert, déi iwwert déi Ännerungsvirschléi diskutéiert huet.

Wëllt een dozou d'Wuert ergräifen?